



Reaktioun op d'Reaktioun

Mir vu ‚*eran, eraus ... an elo?*‘ sinn erstaunt iwwert déi ganz prompt an ganz hefteg Reaktioun vun den Hären Schroeder a Legil.

‘*Il n’y a que la vérité qui blesse...*‘ ass ee bekannte Spréchwuert an mir probéieren an den nächsten Zeilen eis Positiounen duerch Fakten ze beleeeën an dann kenn jo all Interesséierten sech selwer ee Bild vun der Situatioun maachen.

- Wat den Här Schroeder, Direkter vun der UNISEC, betrëfft, do brauche mir just den RTL-Artikel¹ vum 08/06/2021 mam Titel ‚*Neit Konzept fir Strukture fir stroffälleg Mineure gétt auscheschafft*‘ ze betruuechten an deem Justizministesch Mme Sam Tanson folgendermoossen zitéiert gëtt : ‚*Wat ech virun allem als problematesch gesinn ass, datt vun ugangs un net kloer war, wat déi Infrastruktur dann elo genau ass. Ass et e Prisong? Oder ass et awer fir déi Fäll, déi placéiert sinn, an déi mer net meeschter ginn? Oder déi sech do net un d’Reegelen halen? Oder déi do fortlafen? Dat sinn awer 2 Cas de figuren, déi komplett ënnerschiddlech sinn. E Jugendlechen, deen eng Fugue mécht an enger Struktur, ass net dat selwecht wéi e Jugendlechen, deen e Vol avec violence gemaach huet, oder méi schlëmm Saache fir déi d’Leit dann och eben an d’Unisec kommen.*‘

Falls den Här Schroeder no esou enger Ausso vun der Mme Tanson behaupt et géif en ‚*détailléiert Konzept bestoen an d’Kritik vum Gregory Fonseca vun der Associatioun Associatioun "Eran, Eraus, an Elo?", (...), wier net ubruecht gewiescht*‘ dann iwwerlosse mir et all Interesséierte fir sech seng Meenung heizou ze bilden.

- Wat den Här Legil, Direkter vun der Administration pénitentiaire, seng Kritik un eisen Aussoe betrëfft, sou wëlle mir och hei ganz sachlech un d’Saach erun goen.

Sou seet den Här Legil Folgendes : ‚*Bei der professioneller Formatioun, do sinn effektiv Saachen dobäi, déi net méi der Zäit ugepasst sinn, ewéi Buchbënnerei oder Dréckerei. Saachen, déi keng grouss Zukunft hunn.*‘

Leider ass et esou, dass zu Schraasseg säit e puer Joer guer keng ‚*formation qualifiante*‘ méi ugebuede gëtt – mir zitéieren hei QP vun den Députéierte Baum a Lamberty vum 13/04/2017 wou Folgendes drop geäntwert ginn ass: ‚*Des formations professionnelles conduisant à un diplôme d’aptitude professionnelle (DAP) ou à un certificat de capacité professionnelle (CCP) ne peuvent être offertes actuellement au centre pénitentiaire de Luxembourg*‘ – an leider huet sech an deenen leschten 4 Joer heirun näischt geännert.

Zu der Formatioun seet den Här Legil dann nach ‚*Mee do si mer am Gaang nei Saachen erauszesichen, déi dann och zu Suessem ugebuede ginn.*‘ Iwwert des Ausso si mir méi wéi erstaunt – mir hu bis haut geduecht, dass zu Suessem keng Formatiounen ugebuede géife gi well et sech jo exklusiv em Prévenus handelt wou een net géif wësse wéi laang déi am CPU wieren. Mir wëllen op dëser Plaz den Här Legil selwer zitéieren, deen an engem LW-Artikel² folgendermoossen zitéiert gëtt : ‚*Es sind keine richtigen Arbeitsmöglichkeiten für Häftlinge vorgesehen, lediglich Sprachkurse in den Landessprachen werden angeboten.*‘

¹ <https://www.rtl.lu/news/national/a/1735379.html>

² <https://www.wort.lu/de/lokales/gefaengnis-2-0-einblick-in-die-neue-haftanstalt-uerschterhaff-5e43e266da2cc1784e3560b8>

An och am Pressedossier³ vum 30/06/2017 wou de CPU beschriwwen gëtt, fannen mir an dem Kapitel *‚Concept fonctionnel et programme de construction‘* kee Wuert vun engem Atelier, Kllassesall oder Computersall wou ee jo awer briecht fir eng *‚formation qualifiante‘* kënnen unzebidden.

Et bleift also jidderengem Interesséierte fräi fir sech hei seng eege Meenung ze bilden.

Am RTL-Artikel vu gësch, seet den Här Legil nach weider *‚Wat d’Sécurité Sociale ugeet, sou hätt de Prisonéier während senger Zäit am Prisong keng, well de Staat sech während dëser Zäit géing dorëms bekëmmen.‘*

Bei der Sécurité sociale handelt et sech jo net nëmmen am d’Krankekees – wou effektiv aus dem Staatsbudget während der Prisongsstrof bezuelt gëtt – mee hei gëtt d’Prisonnéier total am Ree stoe gelooss well si kee Recht hu fir an eng Pensounskees anzebezuelen, keng Méiglechkeet hunn an eng Assurance-accident anzebezuelen, si bei Krankheet net wieder bezuelt ginn, usw. an daat obwuel si eng Aarbecht am CPL hunn.

Och hei iwuerloosse mir all Interesséierten sech selwer ee Bild dovunner ze maachen ob de Staat sech em d’Sécurité sociale vun engem Détenu bekëmmert oder eben net.

En lescht Remark wëlle mir nach zu den Salaire vun de Prisonéier am CPL maachen: am Prisong ginn et ongeféier 300 Prisonéier déi schaffe – mir wëllen hei zum Beispill Spidolswäscherei nennen – wou d’Wäsch aus puer Spideeler am CPL gemaach gëtt. Do schaffe Leit deels ganz vill an deels ganz schwéier an dat fir ee Salaire deen – an hei wëlle mir erëm den Här Legil zitieren⁴ – *‚ganz wäit ënnert dem Mindestloun läit‘*.

Mir fannen, dass esou Aussoe vu Leit, déi sech net bewosst si wat dat bedeit fir esou ee mickrege Loun ze schaffen, - an hei wëllen mir erëm eng Kéier den Här Legil zitieren – *‚un Ignoranz grenzen an schonns bal eng Frechheet sinn‘*.

³ https://travaux.public.lu/content/dam/travaux_publics/fr/abp/actualites/2017/06/pelle_uerschterhaff/Dossier-de-presse.pdf

⁴ <https://www.100komma7.lu/program/episode/341838/202103201203-202103201300>